Schëtter

**Administration communale de Schuttrange**

2, Place de l'Église
L-5367 Schuttrange
E commune@schuttrange.lu

T (+352) 35 01 13 - 1
F (+352) 35 01 13 - 259
**www.schuttrange.lu**




D'Sportskommissioun mat der Gemeng Schëtter invitéiert Iech häerzlechst op de Besuch vun der dësjäreger Flèche Wallonne **Mëttwochs, den 19. Abrëll 2023**.

Mir fuere moies fréi um 7:00 mat engem Bus offréiert vun eiser Gemeng op Huy (an der Belsch), fir do d'Arrivée vun der Flèche Wallonne zesumme mat anere Vëlosfrënn aus der ganzer Welt ze bewonneren. D'Réckfaart wäert géint 18:30 sinn.

**Départ: 7:00 Auer. Wou: Bei der Schoul „An der Dällt" (Minsbech).**

Fir den Trajet hin an zeréck, wäerte mer jeeweils eppes iwwer 2 Stonne brauchen.

An der Stad Huy selwer ass bei der Maartplaz fir Iessen an Drénke gesuergt. Allerdéngs op eegen Käschten.

D'Montée vun der „Mur de Huy » als d'Schlussarrivée ass a senger Aart eenzegaarteg, well een do als Zuschauer d'Elite vum Internationale Cyclissem souzesoen a „slow motion" eropfuere gesäit.

D'Biergsteigung vun 1,3 km presentéiert an der Moyenne eng Steigung vun iwwert 9 % an erreecht plazeweis souguer bis zu 26%.

Moies gesi mer géint hallwer 12 d'Arrivée vun den Damen, woubäi héchstwarscheinlech och d'Christine Majerus dobäi wäert sinn.

Mëttes gesi mer d'Männer eng éischte Kéier géint 15:00 de Bierg erop fueren, éier d'Arrivée uewen um Bierg géint 17:00 wäert sinn.

Bei de Männer ass vun de Lëtzebuerger ënnert anerem de Bob Jungels virgesinn.

Umelle kënnt der Iech (oder bei weidere Froen) bis den 31.Mäerz beim Olivier Vandivinit, olivier.vandivinit@gmail.com.

Papier 100% recyclé avec label FSC
Printed in Luxembourg

Schëtter

Administration communale de Schuttrange
2, Place de l'Église
L-5367 Schuttrange
E commune@schuttrange.lu
T (+352) 35 01 13 - 1
F (+352) 35 01 13 - 259
www.schuttrange.lu

Déi nächst Aktivitéiten vun a mat der Sportskommissioun sinn:

**- 09.05.2023: Marche gourmande**



**- 13.05.2023: Nuit du Sport**




**- 25.06.2023: Sidecarcross-WM**




**- 12.08.2023: Randonnée Moto**



**- 24.09.2023: Journée familiale en vélo**



**- 26.09.2023: Mérite sportif**




Papier 100% recyclé avec label FSC
Printed in Luxembourg